N° 8099
Entrée le 30.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8099 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener**

Jo, souwuel d'Chargés de cours am Enseignement fondamental, wéi och d'Chargés d'éducation am Enseignement secondaire ginn ënnert dem Regime vum Employé de l'État engagéiert. Am Enseignement fondamental geschitt dëst konform zum Artikel 27 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* an am Enseignement secondaire konform zu den Artikelen 3 et suivants vun der *Loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées*.

Am Enseignement fondamental kënnen d'Chargés de cours mat CDD no dräi verschidden Tariffer bezuelt ginn, esou wéi et de Règlement grand-ducal vum 17. Dezember 2010 zu den Indemnitéite vun de Chargéen aus der Réserve de suppléants virgesäit. Den Tarif hänkt hei vum Diplom of an et gi Leit mat engem Secondairesofschloss oder engem Bachelor en Sciences de l'Éducation oder equivalent agestallt. Natierlech brauchen all dës Chargéen och nach eng Attestatioun, déi si habilitéiert, Remplacementer dierfen ze maachen. Am Enseignement secondaire ginn d'Chargés d'éducation soit am Indemnitéitsgrupp B1, soit am Grupp A2 oder A1 agestallt, jee nodeem ëm wéi ee Fach et sech handelt, esou wéi et d'Kadergesetz vum Enseignement secondaire virgesäit.

Déi Indemnitéiten, déi an deem uewegenannte Règlement grand-ducal virgesi sinn, sinn a Suen ausgedréckt an un den Index gebonnen. Déi aner Indemnitéiten, déi am Employésgesetz virgesi sinn, sinn a Punkten (points indiciaires) ausgedréckt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH